Jugend Gemengerot Hesper

**Reunioun vum JGR-HESPER**

12.02.16 um 10:00 Auer  am Smojo

**Présences :** Nicky, Stefano, Laura

**Ordre du Jour JGR**

- Kickertournoi
- Vëlostour
- Spillowend
- Flüchtlingen
- Déiereschutz
- Zebrasträifen

**Kickertournoi :**

Mir haten d'Iddi, dass mir keen Kickertournoi organiséiere géingen, mee dofir selwer awer um Kickertournoi vum Jugendhaus deelhuele géinge mat eisen T-Shirten, oder als klenge Präis fir di éischt Plaz en T-Shirt verginn respektiv e Bong vu 5 € deen een nëmmen am Jugendhaus kann aléise fir do eppes z'iessen ze kafen (ass nach mam Romain ofzeklären).

**Vëlostour :**

Do wollte mir eis mat enger Mapp vun de Vëlosweeër aus der Gemeng e Wee sichen, dee mir da fuere géingen.

**Spillowend :**

De Spillowend géinge mer samschdes maachen. Zousätzlech kéint ee vläicht eng Kéier e Casino-Owend maachen, mat de klassesche Spiller, wou jiddereen sech och gutt undeet (Romain froen op et am Kader vum Maachbaren ass).

**Flüchtlingen :**

Amplaz eng Campagne ze maache wollte mir mat Leit aus dem JGR an der MDJ eng Kéier sur place de Flüchtlingen hëllefen, déi nei zu Lëtzebuerg ukommen, well een do méi wahrscheinlech matkritt wéi et wierklech fir Asylanten ass, wéi an engem Kuerzfilm.

**Déiereschutz :**

No laanger Diskussioun iwwert Déiererechter oder Déiereschutz wëlle mer eis fir d'éischt mol fir den Déiereschutz asetzen andeems mir op Internetplattformen wéi Facebook oder Instagram z.B. Selfien deele wou de Link zu enger Petitioun drënner steet, an dat och mat engem Hashtag. Dat Ganzt nom selwechte Prinzip wéi beim 'Icebucket-Challenge'  wou een dann weider Leit drop markéiert, déi dat dann och maache sollen. (Um Hashtag gëtt nach geschafft an eng Petitioun erstelle mir nach.)

**Zebrasträifen :**

Op bestëmmte Plaze si wéineg Zebrasträifen, déi awer néideg wäre wann ee mam Hond z.B. duerch  d'Felder spadséiere geet fir eng gewësse Sécherheet z'assuréieren.
Dofir sollt all Member an Zukunft drop oppassen, respektiv während dem Vëlostour drop oppassen, an déi Plaze mam Handy festhalen. Da sollen déi Plazen zesummen analyséiert ginn an dann dem Schäfferot presentéiert ginn.

**Nächst Reunioun**
20. Februar um 10:30h, Treffen am Jugendtreff